N°8138
Entrée le 11.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Den Artikel 15 vum Gemengegesetz hält betreffend de consultative Kommissioune Folgendes fest:

> *« Le conseil communal peut constituer des commissions consultatives dont la composition, le fonctionnement et les attributions sont fixés par règlement d'ordre intérieur. Dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle **<u>chaque groupement de candidats est représenté</u>** dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil. »*

Et ass mir aus enger Gemeng hei am Land zougedroe ginn, dass verschidde Parteien a Gruppementer net an alle consultative Kommissioune kënne vertruede sinn. An dëser Gemeng sinn d'Vertrieder aus den Oppositiounsparteien gezwongen, fir sech d'Sëtz ënnerteen opzedeelen. Deemno ass net all Grupp an de Kommissioun repräsentéiert.

Déi besote Gemeng interpretéiert d'Gemengegesetz esou, dass d'Sëtz an de Kommissioune proportional zu de Sëtz am Gemengerot definéiert ginn an deemno net all Partei oder Gruppement an all Kommissioun misst vertruede sinn.

An den nächste Woche gi vill Gemengeréit vereedegt an d'consultativ Kommissiounen zesummegestallt. Et wier dofir wichteg, dass hei an alle Gemengen déi selwecht Reegelen ugewannt ginn an Onkloerheeten aus dem Wee geraumt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi interpretéiert d'Inneministesch de Wuertlaut vum Artikel 15 vum Gemengegesetz? Muss all Partei oder Grupp, déi am Gemengerot vertruede sinn, an **<u>allen</u>** consultative Kommissioune vertruede sinn oder net?

2. Wäert d'Inneministesch zu dëser Thematik eng Circulaire un d'Gemengen erausschécken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten